N°2500
Entrée le 17.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2500 vum 24. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

1. **Goufen am Steierbüro zu Péiteng no dësem Fall weider Onreegelméissegkeete festgestallt? Falls jo, wéi vill Fäll goufen et?**

Et handelt sech hei ëm en isoléierte Fall.

2. **Wéi vill Auditen a Kontrolle goufen et an de leschte 5 Joren am Péitenger Steierbüro?**

De Steierbüro Péiteng ënnerläit, wéi all anere Steierbüro, der permanenter Kontroll an Opsiicht vun der Inspektioun vun de Steierbüroen.

3. ***"La jeune femme contrevient à un règlement interne de l'administration de septembre 2020 qui proscrit à un agent du fisc de traiter lui-même sa déclaration de revenus et de déterminer sa base imposable."***

   **Wéi ginn d'Beamten an de Steierverwaltungen iwwert déi deontologesch Reegele forméiert an informéiert?**

All Agent gëtt nom Recrutement, an och kontinuéierlech, iwwert déi gesetzlech Flichte vun engem Beamten, wéi si am Statut vum Fonctionnaire festgesat sinn, souwéi iwwer déi intern Reegele vun der gudder Verhalensweis an déi vun der Sécherheet vun der Steierverwaltung forméiert respektiv informéiert.

4. **Wéi oft huet d'Personal am Steierbüro zu Péiteng an de leschte 5 Jore gewiesselt?**

Zanter 2020 goufen et 8 Ofgäng an 10 Zougäng.

Lëtzebuerg, de 16. Juli 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth